ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Déi privat Danzschoule si ganz staark vun de Restrictiounen am Kontext vum Kampf géint Covid-19 betraff: 30 $m^2$ pro Schüler. Dës Konditioun, déi de privaten Danzschoule vun der Regierung Enn November imposéiert gouf, fir iwwerhaapt nach Coursen „en présentiel" ubidden ze kënnen, kéint verschidden Danzschoulen an de Ruin dreiwen. Well Danze vun der Regierung als „activité physique" bezeechent gëtt, si si vum Sportministär ofhängeg a musse sech dofir u Restrictiounen halen, déi zum Deel méi rigid si wéi d'Conservatoiren, déi vum Schoulministär ofhänken. Vill Elteren huelen hir Kanner dofir aus de privaten Danzschoulen eraus a melle se fir de Conservatoire un.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Sportminister:

1) Wat ënnerhëlt d'Regierung, fir déi privat Danzschoulen ze ënnerstëtzen a fir hinnen ze hëllefen, aus dëser Kris ze kommen?
2) Firwat gëlt fir déi privat Danzschoulen d'Reegel „30 $m^2$ pro Schüler", wärend d'Conservatoiren un eng manner streng Reegel gebonne sinn: 10 $m^2$ pro Schüler?
3) Aus wéi enge Grënn erlaabt d'Regierung de privaten Danzschoulen net, zum Modus zréckzekéieren, deen am September, wéi si hire Betrib rëm konnten ophuelen, a Kraaft war: maximal zéng Schüler, Schutzmask, 2 Meter Ofstand, Desinfectioun, Beléftung vun de Raim, Vestiairen, déi zou bleiwen?
4) Ass dru geduecht, fir duerch d'Aféierung vu Schnelltester de privaten Danzschoulen et ze erlaben, ee Stéck Normalitéit zréckzefannen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten